GEMENG
HIEFENECH

# INFORMATIOUNSBLAT
## VUN DER GEMENG HIEFENECH

01|26



GEMENG HIEFENECH


**Gemengenhaus**
2, am Duerf
L-7651 Heffingen

T. 83 71 68-1
F. 87 97 54
M. info@heffingen.lu

www.heffingen.lu
@GemengHiefenech
@GemengHiefenech


## Ëffnungszäiten

| | POPULATIOUNSBÜRO SEKRETARIAT | RECETTE | TECHNESCHEN DÉNGSCHT KOMMUNIKATIOUN |
|---|---|---|---|
| ME | 08h00-12h00<br>14h00-17h00 | 08h30-12h00<br>14h00-17h00 | |
| DE | 07h00-12h00<br>14h00-17h00 | 08h30-12h00<br>14h00-17h00 | |
| ME | 08h00-12h00<br>14h00-17h00 | 08h30-12h00<br>14h00-17h00 | NËMMEN OP RENDEZ-VOUS |
| DO | 08h00-12h00<br>14h00-19h00 | 08h30-12h00<br>14h00-19h00 | |
| FR | 07h00-12h00 | 08h30-12h00 | |


**Meng Gemeng engagéiert sech.**
Wéi wier et, wann och Dir e Pakt mam Klima géift maachen?




**Onofhängeg a gratis Berodung:** klima-agence.lu • 8002 11 90

klima agence
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
GEMENG HIEFENECH


# SOMMAIRE


Virwuert 5

AUS DEM GEMENGEROT 6

DUERFLIEWEN 12

Biergerowend 12
Ried Nationalfeierdag 2026 15
Elterevereenegung 17
Catéchèse en paroisse 18
Ministrare Mëllerdall St Michel asbl 19
Amiperas 20
Chorale Ste Cécile 21
Œuvres St Mathias Asbl - Matheiswierk 23
Frënn vun Csókakő 24
Kommissioun vum interkutlurellen zesummeliewen 26
Nopeschfest 27
E Liichtbéck fir Kamerun 29

ANNONCEN 30

MANIFESTATIOUNEN 38

Kalenner 38
Bicherbus 39
Vivons ensemble 40
Vizverkaf 42
Haxefest 43
Kaffisbuffet 44
Soirées spéciales - Reilander Millen 45
Klimaforum 46
Operatioun Pauly 48

NATUR A KLIMA 49

Mëllerdall UNESCO Global Geopark erhält Verlängerung 49
Aktioun "Gielt Band" & kierfchen.lu 51

SOZIAL SERVICER AN INITIATIVEN 52

Eis Bicherschief 52
benevolat.lu 53
Pour une parenthèse - Eng rar a wäertvoll Plaz schafen fir krank Kanner a hir Familijen 54


**TÉLÉCHARGEZ LA VERSION FRANÇAISE DE LA BROCHURE:**

**DOWNLOAD THE ENGLISH VERSION OF THIS BROCHURE:**

# ANNUAIRE

## Gemengerot

**Jérôme Seiler** (Buergermeeschter)
T. 691 596 504
M. jerome.seiler@heffingen.lu

**Camille Feltes** (Schäffen)
T. 621 135 630
M. camille.feltes@heffingen.lu

**Christian d'Harcour** (Schäffen)
T. 661 787 646
M. christian.dharcour@heffingen.lu

**Tom Bindels** (Conseiller)
T. 621 277 567
M. bindelst@pt.lu

**Christophe Clasen** (Conseiller)
T. 621 495 321
M. christophe.clasen@heffingen.lu

**Tom Leick** (Conseiller)
T. 661 120 378
M. tom.leick@heffingen.lu

**John Rach** (Conseiller)
T. 691 317 754
M. johnhiefenech@gmail.com

**Guy Schiltz** (Conseiller)
T. 621 497 011
M. schiltzw@pt.lu

**Jean Schwartz** (Conseiller)
T. 691 878 665
M. jean.schwartz@heffingen.lu

## Sekretariat / État civil

**Gilles Schuler**
T. 83 71 68 250
M. gilles.schuler@heffingen.lu

## Populatiounsbüro

**Nadine Thelen**
T. 83 71 68 252
M. nadine.thelen@heffingen.lu

## Recette

**Pierre Bodé**
T. 83 71 68 251
M. pierre.bode@heffingen.lu

## Kommunikatioun

**Maud Moulin**
T. 83 71 68 256
M. maud.moulin@heffingen.lu

## Techneschen Déngscht

**Pol Wester**
T. 83 71 68 253
M. pol.wester@heffingen.lu

## Gemengenatelier

**Laurent Welter**
T. 621 291 404

## Bildung a Betreiung

**Cycle 1.0** (précoce)
T. 87 95 38-30

**Cycle 1.1 et 1.2A**
T. 87 95 38-20

**Cycle 1.1 et 1.2B**
T. 87 95 38-25

**Cycle 1.1 et 1.2C**
T. 87 95 38-35

**Cycle 2.1**
T. 87 83 30-205

**Cycle 2.2**
T. 87 83 30-255

**Cycle 3.1**
T. 87 83 30-200
T. 87 83 30 -203

**Cycle 3.2A**
T. 87 83 30-204

**Cycle 3.2B**
T. 87 83 30-257

**Cycle 4.1**
T. 87 83 30-207
T. 87 83 30-254

**Cycle 4.2**
T. 87 83 30-206
T. 87 83 30-254

**Crèche Butzeland Reiland**

T. 87 95 38 58
M. creche.heffingen@croix-rouge.lu

**Maison relais**
T. 87 95 38 55
M. relais.heffingen@croix-rouge.lu

## Forstverwaltung

**Triage de Marscherwald**
Maison 1
L-6239 Marscherwald

**David Farinon**
T. 24756-762
T. 621 202 188
M. david.farinon@anf.etat.lu

## Rettungsdéngscht

**Police**
**Commissariat de l'Ernz**
215, route de Luxembourg
L-6130 Junglinster
T. 244-741000
M. police.ernz@police.etat.lu

**Police Grand-Ducale**
www.police.lu
T. 113

**Ambulance et pompiers**
T. 112

## Aner Servicer

**Hëllef Doheem**
40 20 80
info@shd.lu

**Office social commun Larochette**
T. 26 87 00 23

**D'Heinzelmännercher**
T. 28 80 80
M. mellerdall@cig.lu

# VIRWUERT



## LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

Et ass eng Zäit hier, datt Dir e Gemengebuet vun eis kritt hutt. Déi lescht Ausgab ass am Dezember 2022 erauskomm. Aus verschiddenen Ursaachen ass et eis an deene leschte Joren ëmmer méi schwéier gefall, reegelméisseg e Gemengebuet auszeschaffen.

**Mee dat soll sech elo änneren.**

Well mir Iech an Zukunft méi iwwer d'Neiegkeeten, d'Aktivitéiten an d'Projeten an eiser Gemeng informéiere wëllen, hu mir eng Persoun agestallt, där hir Aufgab ënner anerem doranner besteet, e flotte an informative Gemengebuet zesummenzestellen. Awer net nëmmen op dësem Wee: Och iwwer déi sozial Medien versicht d'Maud Moulin Iech um Lafenden ze halen. Ech heeschen d'Maud op dëser Plaz nach eng Kéier häerzlech wëllkomm a wënschen him vill Erfolleg op sengem Wee an eiser Gemeng.

Wa mir déi lescht Editioun vun eisem Informatiounsblat Revue passéiere loossen, kënne mir vun engem flotte Fortschrëtt an eiser Gemeng schwätzen. Ech wëll Iech hei kuerz déi wichtegst Projeten virstellen, déi mir ëmgesat hunn, déi aktuell an der Mise en œuvre sinn oder déi sech nach an der Planung befannen. D'Aarbechten un der „Maison Schuler" sinn ofgeschloss. Den 10. Dezember hate mir de Pleséier, zesumme mat der Landwirtschaftsministesch Martine Hansen „A Schulesch" anzeweien. Op engem flotten Owend gouf déi nei Epicerie gefeiert. Haut kënne mir an eiser klenger Duerfepicerie „A Schulesch" kleng Akeef maachen oder och mol Mëttes eng Klengegkeet dohinner iesse goen. Am Gebai befannen sech och nach 4 Sozialwunnengen an eng Noutfallwunneng. Déi sinn aktuell nach net besat, wat sech awer zäitno soll änneren.

De gréisste Projet aktuell ass eis nei Schoul mat Maison Relais iwwer der Sportshal. Jiddereen, dee laanscht geet, gesäit, datt d'Aarbechten ugefaangen hunn. Elo am September fänkt de Bau un, an an de nächste Méint wäert een no an no gesinn, wéi do en neit Gebai entsteet. Esou e Chantier freet vill Aarbecht an ass oft mat Imprévuen oder mol Verspéidungen verbonnen. Dofir kënne mir aktuell nach net genau soen, wéini d'Schoul fäerdeg gëtt. Soubal et méi konkret gëtt, liest Dir dat an enger vun den nächste Editioune vun eisem Gemengebuet. Fir Iech awer elo schonn en Abléck an de Projet ze ginn, kënnt Dir gären den 28. September op de Biergerowend kommen. Dir hutt do d'Méiglechkeet, Iech mam Bureau d'étude an mam Architekt auszetauschen an Är Froen ze stellen.

An Zukunft wäert sech och eisen Duerfkär veränneren. Wou aktuell nach e Busarrêt ass – den „Abri Centre" – soll spéiderhin eng Place de rencontre entstoen, zesumme mat Parkplazen an engem ekologesche Parking. An enger éischter Informatiounsversammlung den 11. Juni gouf Iech de Projet virgestallt an et goufen éischt Iddien vun Ärer Säit gesammelt. Aktuell gëtt de Projet iwwerschafft an ugepasst. Ier d'Aarbechten awer esou richteg lassginn, wäerte mir nach en Workshop-Owend organiséieren. Do wëlle mir zesumme mat Iech verschidde Punkten méi präzis ausschaffen, fir dës Plaz flott ze gestalten an hir e richtege Charakter als Treffpunkt fir eis Bierger ze ginn.

Ob eise Biergerowender, déi an Zukunft organiséiert ginn, kënnt Dir Iech zousätzlech Informatiounen vun den Experten huelen an Iech och aktiv abréngen andeems Dir eis Är Meenungen, Proposen a Bedenken zu Projete matdeelt.

Zum Schluss wëll ech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot nach e puer Mercien verdeelen. E grousse Merci geet un eis Veräiner, un d'Schoul an d'Maison Relais, un eis Kommissiounen, un eis Betriber an un all déi Leit, déi sech bei eis an der Gemeng engagéieren. Zesumme mat Iech bréngen mir eis Gemeng zum Liewen – an dat ass e flott Bild, dat mir och no bausse vun eiser Gemeng weise kënnen.

**Dofir: E grousse Merci un Iech all!**

Jérôme Seiler, Buergermeeschter

# AUS DEM GEMENGEROT

## Conseil communal du 4 février 2026

Présents: Seiler Jérôme (bourgmestre), Feltes Camille et d'Harcour Christian (échevins), Schiltz Guy, Rach John, Leick Tom, Bindels Tom, Clasen Christophe, Schwartz Jean (conseillers communaux)

**1 Avis à émettre concernant la proposition du Ministère de la Culture de classer la ferme sise à L-7651 Heffingen, 3, op der Lann, comme patrimoine culturel national.**
En vertu des articles des articles 130, 131 et 132 de la loi du 25 février 2022 relative au patrimoine culturel, Monsieur le Ministre de la Culture propose de classer comme patrimoine culturel national la ferme sise à L-7651 Heffingen, 3, op der Lann, inscrite au cadastre de la commune de Heffingen, Section A de Heffingen, numéro cadastral 383/4328.

Le conseil communal émet un avis défavorable à la proposition de Monsieur le Ministre de la Culture vu que ledit immeuble est classé au plan d'aménagement général de la commune de Heffingen en « zone mixte villageoise » et « secteur protégé de type « environnement construit » »  et « gabarit d'une construction existante à conserver », le conseil communal est d'avis que lesdites classifications sont suffisantes pour garantir le développement harmonieux dudit immeuble, ceci dans le respect du patrimoine culturel bâti.

**2 Approbation d'un règlement d'ordre intérieur en application de la loi du 7 août 2023 relative au logement abordable.**
Vu que la Commune de Heffingen exerce depuis fin 2025 le rôle de promoteur et de bailleur social, le conseil communal approuve le règlement d'ordre intérieur  de la commission consultative « location sociale » qui doit rendre un avis préalable avant l'attribution d'un logement ou un relogement, ceci conformément à la loi modifiée du 7 août 2023 relative au logement abordable.

**3 Vivons ensemble 2025, fixation des frais de participation et de l'utilisation du boni réalisé lors de ladite manifestation.**
La réglementation pour l'organisation du « Vivre ensemble 2025 » est fixé comme suit:

• Le bénéfice de l'organisation sera versé sous forme de don à l'association « Stëmm vun der Strooss asbl » ;

• chaque pays participant a droit à un maximum de 250.-€ pour couvrir ses frais contre présentation des quittances y relatives ;

• Si les frais par pays sont inférieurs à 250.-€, le montant restant sera inclus dans le don pour l'association « Stëmm vun der Strooss asbl » ;

**4 Création d'un poste d'employé communal à durée déterminée, groupe de traitement A2, pour les besoins du secrétariat communal et création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement A2, pour les besoins du secrétariat communal.**
En vue du remplacement du secrétaire communal, il est décidé de créer un poste d'employé communal à durée déterminée, groupe de traitement A2 et/ou un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement A2.

### Séance à huis clos

**5 Nomination d'un(e) employé(e) communal(e), groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, chargé(e) de la mise en œuvre du pacte communal du vivre ensemble et responsable de la communication au sein de l'administration communale de Heffingen.**
Par scrutin secret, Madame Maud Moulin de Landscheid est nommée au poste d'employée communale à tâche complète, chargée de la mise en œuvre du pacte communal du vivre ensemble et responsable de la communication au sein de l'administration communale de Heffingen.

## Conseil communal du 11 mars 2026

Présents: Seiler Jérôme (bourgmestre), Feltes Camille et d'Harcour Christian (échevins), Schiltz Guy, Rach John, Leick Tom, Bindels Tom, Clasen Christophe, Schwartz Jean (conseillers communaux)

**1 Approbation d'un acte notarié.**
L'acte notarié du 23 février 2026, élaboré par Maître Josiane Pauly de Niederanven, concernant la cession gratuite par Monsieur Léon Dominique François Kirps et son épouse Madame Gislind Arnheid Noebel à l'Administration communale de Heffingen, de deux parcelles sises à Heffingen,  Section C de Steinborn, numéros cadastraux 310/2525 et 310/2526, lieu-dit « um Knaeppchen », contenant 1 respectivement 6 centiares, est approuvé.

**2 Approbation du compte de l'année 2023.**
Le compte administratif et le compte de gestion de l'exercice 2023 de la commune de Heffingen sont approuvés, ceci avec un boni global de 2.761.615,83.-€.

**3 Règlement communal relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère.**
Le conseil communal décide d'introduire une allocation de vie afin de soutenir les personnes et familles à revenus modestes, à savoir :

**Article 1er**

La commune de Heffingen accorde à partir de l'année 2026, sur simple demande, une allocation de vie chère.

Peuvent bénéficier de cette allocation toute personne qui a sa résidence habituelle sur le territoire de la commune de Heffingen, qui est inscrite au registre communal des personnes physiques principal de la commune de Heffingen et qui a touché une telle allocation de la part du Fonds National de Solidarité pour l'année de référence.

**Article 2**

Le montant de l'allocation accordée est fixé à 50% de l'allocation de vie chère allouée par le Fonds National de Solidarité pour l'année de référence.

**Article 3**

Les demandes sont à présenter annuellement sur des formulaires mis à la disposition des intéressés par la commune au plus tard pour le 31 mars de l'année qui suit l'année de référence.

Pour être recevable la demande doit obligatoirement être complétée d'une pièce justificative émanant du Fonds National de solidarité et renseignant le montant de l'allocation de vie chère touchée par le demandeur pour l'année de référence.

L'autorité communale se réserve le droit de réclamer toute pièce à l'appui complémentaire qu'elle estime nécessaire aux fins de compléter le dossier.

**Article 4**

L'allocation de vie chère n'est accordée qu'une fois par année de référence. La décision concernant l'octroi de l'allocation de vie chère est prise par le collège des bourgmestre et échevins.

**Article 5**

Le requérant qui a établi sa résidence dans la commune au cours de l'année de référence doit présenter un certificat de non-obtention de l'allocation de la part de la commune de provenance.

**Article 6**

L'allocation est versée au requérant. Pour le cas où le requérant est en dette avec la commune, l'allocation accordée sera utilisée pour régler la totalité ou une partie de cette dette.

**Article 7**

L'allocation est sujette à restitution si elle a été obtenue par suite de fausses déclarations, de renseignements inexacts ou d'une erreur de l'administration communale ou bien du Fonds National de Solidarité.

**Article 8**

La dépense afférente est annuellement imputée à l'article 3/260/648340/99001 du budget des dépenses ordinaires avec le libellé « Aides aux résidents (Allocation vie chère) » et liquidée aux bénéficiaires suivant les disponibilités budgétaires.

**4 Fixation du tarif pour la marche gourmande organisée par la commission culturelle.**
Le conseil communal fixe les tarifs pour la marche gourmande du 26 mai 2026 comme suit :

- Adultes : 62,00.-€
- Enfants jusqu'à 12 ans : 48,00.-€

## Conseil communal du 15 avril 2026

Présents: Seiler Jérôme (bourgmestre), Feltes Camille (échevins), Schiltz Guy, Rach John, Leick Tom, Bindels Tom, Clasen Christophe, Schwartz Jean (conseillers communaux)

Excusé: d'Harcour Christian (échevins)

**1 Nouvelle fixation du prix de l'eau destinée à la consommation humaine et de la redevance à percevoir sur l'évacuation et l'épuration des eaux usées.**
La loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau oblige les communes d'appliquer le principe de l'utilisateur-payeur et du pollueur-payeur, ce qui entraîne une adaptation des tarifs actuels en vigueur n'ayant subi aucune hausse depuis 2013, lesquels ne reflètent plus le coût réel.

En sa séance du 15 avril 2026, le conseil communal a été amené d'adapter les redevances d'eau destinées à la consommation humaine aussi bien que les redevances sur les eaux usées conformément aux directives légales.

Il y a lieu de distinguer quatre secteurs quant aux tarifs applicables : secteur des ménages, secteur industriel, secteur agricole et secteur Horeca.

Les taxes se composent toujours d'une taxe de base fixe et d'une taxe de consommation variable, ce qui vaut tant pour le tarif de l'eau que pour le tarif sur les eaux usées.

Lesdites adaptations se font en deux étapes, à savoir le 1er mai 2026 et le 1er septembre 2026 et ont été approuvées avec sept voix contre une en ce qui concerne le prix de l'eau et unanimement en ce qui concerne la redevance à percevoir sur l'évacuation et l'épuration des eaux usées:



### Eau potable:

| Secteur: | Taxe fixe valable à partir du 1er mai 2026 | Taxe variable à partir du 1er mai 2026 | Taxe fixe valable à partir du 1er septembre 2026 | Taxe variable à partir du 1er septembre 2026 |
|---|---|---|---|---|
| Ménage | 9,60€/$mm^1$/an | 3,05€/$m^3$ | 9,40€/$mm^1$/an | 3,40€/$m^3$ |
| Industrie | 19,75€/$mm^1$/an | 1,30€/$m^3$ | 24,00€/$mm^1$/an | 1,60€/$m^3$ |
| Agriculture | 17,75€/$mm^1$/an | 1,60€/$m^3$ | 22,50€/$mm^1$/an | 1,80€/$m^3$ |
| Horeca | 13,50€/$mm^1$/an | 2,00€/$m^3$ | 16,50€/$mm^1$/an | 2,50€/$m^3$ |

1: mm = diamètre du raccordement

### Eaux usées:

| Secteur: | Taxe fixe valable à partir du 1er mai 2026 | Taxe variable à partir du 1er mai 2026 | Taxe fixe valable à partir du 1er septembre 2026 | Taxe variable à partir du 1er septembre 2026 |
|---|---|---|---|---|
| Ménage | 33,50€/EH/an | 3,75€/$m^3$ | 38,00€/EH/an | 4,70€/$m^3$ |
| Industrie | 120,00€/EH/an | 1,40€/$m^3$ | 135,00€/EH/an | 1,75€/$m^3$ |
| Agriculture | 102,00€/EH/an | 1,85€/$m^3$ | 116,00€/EH/an | 2,35€/$m^3$ |
| Horeca | 73,00€/EH/an | 2,50€/$m^3$ | 88,00€/EH/an | 3,20€/$m^3$ |





## Conseil communal du 22 avril 2026

Présents: Seiler Jérôme (bourgmestre), Feltes Camille, d'Harcour Christian (échevins), Schiltz Guy, Rach John, Leick Tom, Bindels Tom, Clasen Christophe, Schwartz Jean (conseillers communaux)

**1 Approbation de l'APD pour la construction d'une nouvelle canalisation pour les eaux pluviales, le renouvellement de la conduite d'eau et des aménagements extérieurs dans la rue « Regioun » à Heffingen.**
L'avant-projet définitif avec devis pour la construction d'une nouvelle canalisation pour les eaux pluviales, le renouvellement de la conduite d'eau et des aménagements extérieurs dans la rue « Regioun » à Heffingen, au montant de 1.376.266,00.-€ (TTC) dont 526.266,00.- (TTC) à charge de la commune de Heffingen et 850.000,00.-€ (TTC) à charge du SIDEN, élaboré par le bureau d'études Daedalus Engineering de Heffingen, est approuvé.

## Conseil communal du 03 juin 2026

Présents: Seiler Jérôme (bourgmestre), Feltes Camille, d'Harcour Christian (échevins), Schiltz Guy, Rach John, Leick Tom, Bindels Tom, Schwartz Jean (conseillers communaux)

Excusé: Clasen Christophe (conseillers communal)

**1 Modification de la partie écrite du plan d'aménagement particulier – quartier existant de la commune de Heffingen.**
La modification vise à modifier un certain nombre d'articles de la partie écrite du PAP-QE, notamment sur les points suivants :

- unifier les prescriptions en matière de recul avant et la bande de construction des articles 1,2, et 3 ;
- harmoniser les prescriptions en matière de hauteur à l'acrotère et de hauteur corniche dans l'article 1 ;
- harmoniser les prescriptions en matière de profondeur des constructions hors-sol entre les articles 1 et 2 ;
- corriger le terme de construction principale par volume existant dans les articles 2 et 3 pour les prescriptions relatives à la hauteur à l'acrotère ;
- donner la possibilité des toitures plates dans l'article 4, en donnant les mêmes prescriptions pour les hauteurs à la corniche et à l'acrotère ;
- revoir entièrement l'article 13, sur les panneaux solaires, et les équipements techniques fixes, à la lumière de la circulaire ministérielle 2023-119 ;
- préciser les prescriptions sur les éléments en saillie ;
- revoir les articles 17 et 18 sur les annexes et dépendances ;
- modifier la terminologie des termes «annexe», «terrasse», «terrasse couverte» et «pergola».

**2 Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'année 2027.**
Les taux pour 2027 restent inchangés à savoir :

| | |
|---|---|
| A : | 330% |
| B1 : | 450% |
| B2 : | 450% |
| B3 : | 450% |
| B4 : | 320% |
| B5 : | 600% |
| B6 : | 600% |

**3 Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2027.**
Le taux de l'impôt commercial pour 2027 reste également inchangé, à savoir 300%.

**4 Approbation de deux actes notariés.**
Les actes notariés suivants sont approuvés :

- L'acte de vente du 29 avril 2026, élaboré par Maître Anne Foehr d'Echternach, concernant la vente par Monsieur Léon Nicolas Disiviscour, son épouse Madame Alice Marie Bruch et Madame Anne Albertine Bruch, épouse de Monsieur Nicolas Bindels, de la parcelle sise à Heffingen, Section A de Heffingen, numéro cadastral 1954/3655, contenant 0,50 are, lieu-dit « in oberst Wafert », à l'administration communale de Heffingen ;
- L'acte notarié du 29 avril 2026, élaboré par Maître Anne Foehr d'Echternach, concernant la cession gratuite par les consorts Rach-Agnes et Redlinger des parcelles sises à Heffingen, Section A de Heffingen, suivantes :
- numéro cadastral 2078/3626, contenant 0,49 are, lieu-dit « in den Dellen »
- numéro cadastral 2078/3627, contenant 4,73 ares, lieu-dit « op der Strooss »

**5 Projet de morcellement à Reuland « rue « Massewee ».**
Un projet de morcellement concernant des fonds sis à Reuland , rue « Massewee », numéros cadastraux 227/4099 et 227/4100, est approuvée.

**6 Approbation de la convention concernant le « P.A.P. Beezebierg » à Heffingen**
La convention du 20 mai 2026 conclue entre la société RFG NORD SA de Bettendorf et l'Administration Communale de Heffingen dans l'intérêt de la réalisation du projet d'aménagement particulier portant sur des fonds sis à Heffingen, Section A de Heffingen et Section C de Steinborn, lieu-dit « Beezebierg », numéros cadastraux 712/4179 et 751/2470, approuvé par le conseil communal le 21 décembre 2022, et par Monsieur le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région en date du 15 juin 2023, réf. : 19360/50C, est approuvée.

**7 Programme de la voirie rurale pour 2027**
Pour l'année 2027, il est décidé de procéder au reprofilage/goudronnage du chemin rural suivant :

• lieu-dit « um Kohn vers N14 et um Beschelchen », Section B de Reuland, longueur : 1.300m

**8 Demande de subside**
Un subside de 100.-€ est accordé au « Beieveräin Kanton Miersch ».

### Séance à huis clos

**9 Nominations de personnel enseignant:**
Par scrutin secret, les personnes suivantes sont nommées aux postes suivants au sein de l'école fondamentale de la commune de Heffingen:

• Mme Amy Reuter, poste définitif du cycle 1 ;

• M. Franky Theis, poste définitif des cycles 2-4 ;

• Mme Cynthia Weber, poste définitif des cycles 2-4

• Mme Claudia Lopes, poste provisoire 50% des cycles 2-4 ;

## Conseil communal du 15 juillet 2026

Présents: Seiler Jérôme (bourgmestre), Feltes Camille, d'Harcour Christian (échevins), Schiltz Guy, Rach John, Leick Tom, Bindels Tom, Clasen Christophe, Schwartz Jean (conseillers communaux)

**1 Présentation du rapport annuel du pacte communal du vivre ensemble interculturel.**
La commune de Heffingen a signé, le 2 juillet 2025, le Pacte du vivre-ensemble interculturel (PVE) pour une première période de six ans.

Dans le cadre de cet engagement, la commune est tenue de transmettre chaque année un rapport annuel au Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil.

Ce rapport a pour objectif de présenter un aperçu des activités réalisées dans le cadre du Pacte, ainsi que de justifier l'utilisation des subventions mises à disposition par le Ministère.

Parallèlement, une check-list doit également être complétée et transmise. Celle-ci sert d'outil de suivi afin d'accompagner la mise en œuvre du Pacte communal du vivre-ensemble interculturel et de veiller à son bon déploiement.

**2 Approbation de l'organisation scolaire 2026/2027.**
L'organisation scolaire 2026/2027 est approuvée.

Actuellement il est prévu que les classes suivantes fonctionneront pendant l'année scolaire 2026/2027 :

1. Cycle 1 précoce : 1 classe, 15 élèves
2. Cycle 1.1 et 1.2. : 3 classes, 43 élèves
3. Cycle 2.1. : 1 classe, 20 élèves
4. Cycle 2.2. : 1 classe, 22 élèves
5. Cycle 3.1. : 1 classe, 23 élèves
6. Cycle 3.2. : 2 classes, 21 élèves
7. Cycle 4.1. : 1 classe, 20 élèves
8. Cycle 4.2 : 1 classe, 13 élèves

**3 Approbation du plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2026/27.**
Le plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2026/27 est également approuvée.

Le Plan d'encadrement périscolaire (PEP) est un document stratégique et annuel, propre à chaque commune, qui inventorie et organise toutes les activités extrascolaires des enfants. Il sert à garantir un cadre éducatif cohérent, à coordonner les horaires de l'école et des structures socio-éducatives (repas, garderies).

**4 Approbation de divers décomptes.**
Les décomptes relatifs aux travaux suivants sont approuvés :

• Redressement la rue « Benzelsgaass » à Heffingen :

Décompte final : 477.864,13.-€ (devis 475.000.-€)

• Redressement la rue « um Knäppchen » à Heffingen entre 2007 et 2012 :

Décompte final : 192.745.-87.-€ (devis 475.000.-€)

• Construction d'un nouveau réservoir d'eau à Heffingen :

Décompte final : 2.256.445,42.-€ (devis 1.693.420,33.-€)

**5 Demande de subside**
Un subside de 150.-€ est accordé à « La Sécurité Routière ».

# DUERFLIEWEN

## BIERGEROWEND

**Den 11. Juni 2026 hate mir am Centre Culturel fir d'éischte Kéier e Biergerowend ënnert dem Motto „Schwätzt mat!" organiséiert. Dësen Owend gouf och op Franséisch an Englesch iwwersat, fir esou vill Biergerinnen a Bierger wéi méiglech un den Diskussiounen deelhuelen ze loossen.**

Um Programm stoung als éischte Punkt eng Presentatioun vum CEFIS. Den Här Sylvain Bech huet d'Auswäertung vum Sondage presentéiert, deen d'Gemeng am Mee am Kader vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe lancéiert hat.

De Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ass eng Partnerschaft tëscht dem Familljeministère an der Gemeng. Wärend enger éischter Period vu sechs Joer ginn zesumme Projeten entwéckelt an ëmgesat, fir d'Zesummeliewen an der Gemeng ze stäerken. Dobäi kann all Persoun, déi an der Gemeng lieft oder schafft, sech aktiv bedeelegen.



Als zweete Punkt stoung de Reamenagement vun der Placette am Duerfkär um Programm. De Bureau LSC360 huet d'Gemeng dobäi ënnerstëtzt an déi technesch Detailer vum Projet presentéiert. Wärend enger flotter Austausch-ronn haten d'Awunner d'Méiglechkeet, hir



Iddien, Virschléi an och hir Bedenken ze deelen. Déi gesammelt Informatioune fléissen elo an déi weider Ausaarbechtung vum Projet mat an. Iwwer déi nächst Etappe vum Projet wäert d'Gemeng lech natierlech bei engem nächste Biergerowend informéieren.

D'Gemeng seet alle Leit e grousse Merci, déi um Biergerowend deelgeholl hunn. Dëst soll net dee leschten Owend gewiescht sinn, bei deem Dir en Abléck an d'Projete vun der Gemeng kritt an Är Meenung afléisse loosse kënnt. Och an Zukunft bidde mir Iwwersetzungen un. Zéckt also net, déi nächst Kéier erëm laanschtzekommen. Mir freeën eis op lech!


Platzgestaltung: Avant Projet 2025






Text a Fotoen: Administration communale de Heffingen, Plang: LSC 360

**Fannt hei puer Fakten iwwert d'Awunner aus eiser Gemeng:**




Source: RNPP, SIGI, STATEC

## 2. Que voulons-nous ?

Sondage lettre de sensibilisation


### Objectifs directs :

- **Objectifs directs :** connaître…
  - Satisfaction de l'offre communale
  - Besoins et préoccupations de la population en matière de vivre-ensemble
- **Objectif indirect :** sensibiliser la population au vivre ensemble

- Sondage réalisé auprès des habitants de Heffingen de 18 ans et plus, du 8 avril 2026 au 26 mai 2026.
- 123 répondants en tout :
  - 53% de femmes et 47% d'hommes.
  - 10% ont moins de 30 ans, 55% entre 30-49 ans, 27% entre 50-64 ans et 8% ont plus de 65 ans. Les classes d'âge des plus jeunes et des 65 ans et plus sont largement sous-représentées.
  - 74,1 % des répondants sont nés au Luxembourg (62,8% dans pop18+).
  - 90 % des répondants vivent au Grand-Duché depuis plus de 10 ans.
  - 56% des répondants résident dans la commune de Heffingen depuis plus de 10 ans.
  - 61% des répondants ont un diplôme d'enseignement supérieur.
  - La majorité des répondants dit parler le luxembourgeois (79%), le français (54%), l'allemand (41%), l'anglais (37%). 14% disent parler le portugais et 6% une autre langue.
- Sondage avec résultats indicatifs, non représentatifs

## 2. Que voulons-nous ?

Souhaitez-vous que votre commune propose ou continue à proposer les activités, services et projets suivants pour le vivre-ensemble interculturel ? (Oui, Non) % de oui




**Fannt hei méi Informatiounen zur Auswertung vum Sondage:**

Source: CEFIS







# RIED NATIONALFEIERDAG 2026



**Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot begréissen ech Iech ganz häerzlech Um Virowend vun National Feierdag. Ech well Iech fir d'éischt e grousse Merci soe fir är Präsenz a d'Participatioun un eise Feierlechkeeten haut den Owend.**

Alt erëm ass e Joer vergaangen an dem villes geschafft ginn ass.

Mir hunn eis Epicerie ageweit, déi elo schonn déi éischt Méint hannert sech bruecht huet mat engem ganz positive Bilan. Zum Erfolleg vun dësem Projet drot Dir alleguerte mat bei. Mir probéieren elo Zäitno eis Sozial -Wunnengen ze beliewen . Dofir sinn am leschte Gemengerot déi néidesch Membere fir d'Kommissioun gestëmmt ginn.

Mir hunn ugefaangen eis nei Schoul ze bauen. D'Terrassement ass fäerdeg an d'Geothermie Buerunge kommen och gläich un de Schluss . Virum Summercongé gëtt nach d'Chantiersinstallatioun vun der Firma déi de ganze Bëton meescht opgeriicht. Nom Congé sollen d'Aarbechte richteg ufänken.

Fir Enn vum Joer ass och schonn den Holzbau um Programm. Zu dësem Projet wäerte mir am September en Infoowend maachen.

Mir hu 4 Photovoltaik-Anlagen op Gemenge-gebaier geluecht an de Gemengenfuhrpark mat enger Elektrescher Camionnette verstäerkt.

E Projet den mir fir d'Zukunft op eis Lescht gesat hunn ass e Projet fir "Jugendwunnen" ze ënnerstëtzen.



Hei solle Jugendlecher déi keen einfache Wee haten Ënnerstëtzung kréie fir hire Projet de Vie ze verwierklechen. Ech muss op dëser Platz dem ganze Gemengerot merci soen, dass mir bei esou Projeten un engem Strang zéien an am Sënn vun Iech alleguerten zesumme schaffen.

Dëst ass net selbstverständlech wéi een an esou munche Gemenge ronderëm konnt mierken.

Ech well Iech den Owend awer net ze laang hei schwätze well wierklech duuschtregt Wieder ass a mir den Owend zesumme sollen auslafe loossen an hoffentlech e puer interessant Gespréicher dorauser entstinn.

Éier et awer elo souwäit ass géif ech nach e Sportler no fir ruffen den dëst Joer geéiert gëtt. Den Jack Leick huet dëst Joer mam US Hostert "Coupe du Prince" gewonnen. Den Jack huet do den 1:0 an der 18 Minutt geschoss.



Text: Jérôme Seiler, Foto: Administration communale de Heffingen



Dann géif ech ganz gären nach e puer Mercie verdeelen :

• Merci soen ech all eise Veräiner a Kommissiounen déi eis dat ganzt Joer mat flotten Evenementer fëllen .
• Merci un den Herr Paschtouer an seng Equipe fir den Te Deum haut den Owend.
• Merci dem Gesang fir déi flott musekalesch Begleedung haut den Owend.
• Merci de Pompjeeë fir hiren Asaz dat ganzt Joer, an hier Präsenz haut den Owend.
• Merci all eisem Personal vun der Gemeng fir hier Arabescht dat ganzt Joer iwwer.

Leif Matbierger- a Matbiergerinnen, op dësem Owend , op Groussherzogs-gebuertsdag , ass et selbstverständlech, dass eis Gedanken un de Grand-Duc an déi ganz Groussherzoglech Famill ginn .

De Grand -Duc den un der Spëtzt vun eisem Land steet , ass e Symbol vun eiser Heemescht. Erlaabt mir, léif Matbierger him a senger Famill dofir haut an Ärem an a mengem Numm eise volle Respekt an eis oprichteg Dankbarkeet , verbonne mat de beschte Wënsch auszespriechen .

Erlaabt mir ze soen dass mir mam Grand-Duc Guillaume an der Grand-Duchesse Stéphanie de richtege Wee ginn am Respekt vun allen Awunner vun eisem schéine Lëtzebuerger Land .

**Ech wënschen Iech alleguerten e schéinen Nationalfeierdag**

**Vive de Grand Duc**

**Vive eis groussherzoglech Famill**

**Vive eist Lëtzebuerger Land**







# Elterevereenegung Hiefenech

## ELTEREVEREENEGUNG

### E flott Joer fir d'Kanner aus der Gemeng

Dëst Joer hu mir mat vill Freed e puer flott Momenter fir eis Kanner a Familljen organiséiert: e gemittleche Kinosowend, e kreativen Holzatelier, de Kannersecondhand, e lëschtege Kannerfuesbal an d'Klibberen.

E grousse Merci un all déi, déi matgeholfef, eis ënnerstëtzt hunn oder einfach mat dobäi waren. Mir freeën eis schonn op déi nächst Aktivitéiten!

### Gitt Member:

Mellt iech bei ons :
**evhiefenech@gmail.com**











Text a Fotoen: Elterevereenegung Hiefenech

# CATÉCHÈSE EN PAROISSE






## Par Mëllerdall St Michel

**Informatioune fir déi Elteren, déi interesséiert sinn, datt hier Kanner eng reliéis Formatioun kréien.**

Katechees an der Par gëtt wärend der Schoulzäit organiséiert, entweeder dënschdes, donneschdes nomëttes oder samschdes am Laf vum Dag.

Déi éischt helleg Kommioun kann een dann am Laf vum 3 Joer Katechees maachen.

Och no der Kommioun gëtt d'Katechees nach weider ugebueden.

D'Aschreiwung fir d'Katecheesejoer 2026/27 kënnt dir bis spéitestens de 15. September am Parbüro an der Fiels (2, rue du pain – L-7623 Larochette) ofginn. Den Aschreiwungsziedel fannt dir iwwer follgende Link: **https://web.cathol.lu/article14690**

Fir weider Informatioune schéckt eis wgl eng Mail op cate.mellerdall@cathol.lu oder rufft un um Parbüro – **Telefon 83 70 91**.



Text a Fotoen: PAR Mëllerdall - St Michel



# MINISTRARE MËLLERDALL ST MICHEL ASBL

**Eis 2007 gegrënnt Associatioun huet zum Zil, Kanner a Jonker dozou ze ermutegen, eng aktiv Roll a Kierch a Gesellschaft ze spillen an sech perséinlech ze entwéckelen.**

Dëst ëmfaasst d'konkret Liewe vu chrëschtleche Wäerter am Alldag, d'Weise vu Respekt fir anerer an d'Ëmwelt an d'Iwwerhuele vu Verantwortung fir sech selwer an anerer. Ministrare huet och zum Zil, wichteg sozial Fäegkeete bei de Kanner a Jonken ze stäerken.

Zënter dass de Reliounsunterricht an de Schoulen ofgeschaaft gouf, ass et fir Famillje méi schwéier ginn, hir Kanner reliéis ze erzéien.

Vun der Par Mëllerdall gëtt d'Katechees ugebueden an am Laf vum 3. Joer kënnen d'Kanner dann d'Kommioun maachen. No dësen 3 Joer gëtt d'Katechees awer och nach weider fir Kanner a Jonker organiséiert, a vum Alter vu 15 Joer un ass d'Virbereedung op d'Firmung méiglech.

Ausserdeem fënnt eemol de Mount an enger Kierch vun eiser Par eng Familljemass statt, déi méi op d'Besoine vun de Kanner ausgeriicht ass.






Ministrare Hiefenech-Reiland asbl

**Wat kënnt Dir als Elteren doriwwer raus maachen, fir dass Är Kanner eng Relatioun zu Jesus Christus entwéckelen a festegen?**

- Dir kënnt reliéis Ritualer doheem liewen, zum Beispill e kuerzt Owendgebied oder e Ritual fir Merci ze soe virun enger Moolzecht oder d'Ufänke vun enger Käerz bei spezielle Momenter.
- Är Kanner kënnen als Massendénger-innen bei de Gottesdéngschter matschaffen.
- Är Kanner kënne bei Aktivitéite vu Ministrare matmaachen, déi zum Deel an der Kierch, zum Deel an der Gesellschaft stattfannen: Bastele, Sange, Spillen, Ausflich, zesumme Bicher liesen etc.

**Eise Motto ass:**
**An enger positiver, oppener an häerzlecher Atmosphär d'Freed um Glawe weiderginn**

Mëllt Iech bei Ministrare mat Äre Froen, Ideen etc.: ministrare.heffingen@gmail.com
oder 661 214 784 !



Text: Ministrare Mëllerdall St Michel asbl

## AMIPERAS

### D'Amiperas Hiefenech-Reiland feiert Journée du Grand Âge

Wéi schonn zur Traditioun huet d´Amiperas Sektioun d´Journée du Grand Âge och 2026 gefeiert. Zesummen si mir mam Retrobus (alen Hiefenecher Schoulbus) op Beefort an de Restaurant Meyer gefouert ginn.

No enger kuerzer Usproch vun der Präsidentin Sylvie Schiltz-Winckel huet si d´Membere begréisst an drop higewisen dass dëst Joer d´Sektioun hiren 30ten Gebuertsdag feiert, een detailléierte Programm gëtt deemnächst presentéiert.

E puer Mercie sinn a Richtung Retrobus an un d´Equipe vum Restaurant Meyer gaangen. Speziel och ee Merci de Memberen, déi ëmmer un den Aktivitéite vun der Amiperas deel huelen. Ze ernimme bleift nach dass et ëmmer méi schwéier gëtt, Restauratioun ze fannen déi Barrièrefräi sinn.

Nom gemeinsame Mëttegiessen ass nach Zäit bliwwe gemitterlech e puer Stonnen ze verbréngen, ier de Retrobus seng Passagéier zréck a Richtung Hiefenech gefouert huet.

Wien bei d'Amiperas eraluussen oder Member gi wëll, soll sech wgl. beim Sylvie Schiltz-Winckel mellen: **winckels@pt.lu**



Text a Fotoen: Amiperas







## CHORALE STE CÉCILE

### Concert von der Chorale Hiefenech

Ënnert dem Motto „Eurosongs" huet d'Chorale Ste Cécile vun Hiefenech, ënnerstëtzt vun der Chorale Bissen, de 25. Abrëll 2026 d'Hal an eng kleng Eurovisiounsbün verwandelt.

Ënnert dem Dirigent Serge Rosen, huet de Chouer 17 Lidder präsentéiert, déi vum Pianist Patrick Colombo begleet goufen. De Pit Wilgé huet mat Witz a Charme duerch den Owend gefouert.

Déi insgesamt 27 Sängerinnen a Sänger hunn d'Eurovisiounslidder aus de leschte Joren nees opliewe gelooss. E spezielle Moment hu mir mam Sandra Boulanger an hiren zwee Soli dierfe genéissen.

De gelongenen Owend hu mir bei engem Patt mat Frënn a Kollegen vum Gesank ausklénge gelooss.

En häerzleche Merci geet un d'Gemeng an all eis Sponsoren, déi dësen Evenement mat méiglech gemaach hunn.




Text a Fotoen: Chorale St Cécile






SBE huet et sech zënter Mäerz 2021 zur Aufgab gemaach, zesumme mat den Awunner-innen vun eiser Géigend, mat de Gemengeverwaltungen a mat Experten Aktivitéiten unzebidden, déi d'Gesondheet, d'Wuelbefannen an d'Gefill vun Zesummegehéiere vun de Leit férderen.

Den Optakt vun eisen Aktivitéite war d'Porte ouverte vum 19. September 2021 am Centre culturel zu Hiefenech, wou mir eis an eis Offer presentéiert hunn. Dass e Besoin fir sou Aktivitéiten do ass, beweist d'Zuel vun de Couren (2025-2026: 12/Woch) a vun de Participantë mat Abonnement (iwwer 100 an der Saison 2025-2026).

Nieft de Coure Jazzdance, Zumba, Pilates, Yoga, Bodyshape, Mobility, Yogilates a Line Dance bitt SBE och Atelieren a Konferenzen zu ganz verschiddenen Themen un.

An de vergaangene Joren waren dat: Trilogie fir d'Liewensenn mam Nathalie CLASEN (Omega90), Infoowend iwwer Büroergonomie mam Lucia PETERS-GEIBEN, Konferenz iwwer Ernärung mat der Dieteticienne Stéphanie ROSQUIN, e Gesangsatelier mam Ben REUTER, Pensionscoaching mam Heng FEIT (GERO), en Elterenowend iwwer Secherheet am Internet (BEEsecure), e Konferenzzyklus iwwer Demenz mam Pol REUTER, Premier secours YOUTH – Éischt Hëllef fir Mental Gesondheet mam Sofia RIBEIRO (Ligue Santé Mentale - an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Hiefenech), Konferenz iwwer d'Bedeitung an d'Symbolik vu Krankheete souwéi Yoga- a Reflexologie-Ateliere mam Aude DANAUX, eng Infoveranstaltung zum Thema Mobbing mam Marie-Anne KAYSER (ASBL Mobbing), en Infoowend zum Thema Gediechtnestraining mam Elisabeth BASTIAN (Lëtzebuerger Verein fir Gediechtnestraining asbl) souwéi 6 Stonne Gediechtnestraining mam Marianne BROSIUS-KOLBER, Gesangs-Ateliere fir Kanner mam Sabine GOEDERT-BREIL an d'Atelieren iwwer Numerologie an Ernährungstherapie mam Cécile HOUNDEGLA souwéi Selfdefence-Coure mam Tom DI STEFANO, Biodanza® mam Marlyse KUSNIERZ-BROERS, Familljekonstellatioun mam Elsa MENDES an ARTtherapie mam Daniela GODINHO.

Och e Floumaart hu mir e puer mol organiséiert souwéi Kanneraktivitéiten (Sportsparcours a Bastelatelier) beim Chrëschtmaart an bei eise Portes ouvertes.

Wann Dir Suggestioune fir Themen huet oder selwer eng Aktivitéit am Kader vun eiser Associatioun wëllt ubidden, da mellt Iech einfach per Mail bei eis: info@sbe-asbl.lu

sbe-asbl.lu

Text: SBE Hiefenech





# ŒUVRES ST MATHIAS ASBL - MATHEISWIERK

**D'Zil vun der 2016 gegrënnter Vereenegung ass et, d'kathoulescht Liewen an der Gemeng Hiefenech (fréier Par Hiefenech) mat alle passende Mëttelen z'ënnerstëtzen (vgl. Art. 2 vun de Statuten).**

Eis Memberen droen aktiv zum Déngscht an der Liturgie bäi, këmmeren sech ëm d'Käerzen, d'Blummen an d'Altoerdekoratioun an der Kierch, ëm d'Kommunikatioun via Kierchereider, Flyer a Facebook-Säit „D'Kierch am Duerf" an de Parbréif souwéi ëm vill aner Aufgaben, fir dass eis Kierch als würdeg Plaz vu Gebiet, Andacht a Stëllt erhale bleift.

Am Kader vum Weekend vun den Oppene Kierchen, deen all Joer um éischte Juni-Weekend an de Benelux-Länner an a Frankräich ass, gëtt d'Hiefenecher Kierch ugemellt, fir eis tëschent 2007 an 2009 komplett renovéiert Kierch engem méi grousse Publikum nozebréngen.


Replik vum Grafsteng vu Johann Heinrich von Stein. (Original op dem Hiefenecher Kierfech, vis-à-vis vum Café A Bau.)


Grafsteng vun der Margarete von Schwarzenberg.



2026 war den Thema „Églises – lieux de mémoire", wat eng gutt Geleeënheet war, op déi zwéin historesch Grafsteng an der Entrée vun der Kierch opmierksam ze maachen.

En Informatiounsblat, dat an der Kierch ausläit, enthält Erläuterungen zou de Grafsteng, déi aus de Bicher „Heffingen und Reuland" v. Joseph Schumacher (1985) an „125 Jar Gesangverain – 120 Jar Kierch" (1983) stamen.

Fir méi iwwer d'Oeuvres St Mathias asbl gewuer ze ginn, punktuell oder dauerhaft matzehëllefen, Member ze ginn etc., mellt Iech bei der Sekretärin: **l.petersgeiben@gmail.com**, Tel. **661 214 784**.

All Informatiounen iwwer eis Par Mëllerdall St Michel fannt Dir hei: **mellerdall.cathol.lu**

De Parbréif mat dem Programm vun de Gottesdéngschter, Kontakter an aner Informatioune kënnt Dir aus der Kierch mathuelen, déi daagsiwwer ëmmer op ass.

Text: Œuvres St Mathias asbl - Mattheiswierk Foto: Ben Wagner

# FRËNN VUN CSÓKAKŐ

### Iwwerreechnung vun elektreschen Handdréchner

Bei engem Besuch vun enger Delegatioun vun 3 onser Memberen, hu mir offiziell un d´Buergermeeschtesch Ildiko Lévai an un d´Schouldirektesch Beatrix Balogh elektresch Handdréchner iwwerreecht. 2 Apparaten si fir d´Schoul an 2 fir de Centre Culturell geduergt. Alléng d´Schoul spuert domadder iwwer 2.000.- Euro u Pabeier plus dee Müll deen dat gëtt.

### Eng Spullbraus fir d´Kiche vun der Schoul

Nodeems mir d´lescht Jor d´Kiche vun der Schoul ganz mat Inoxmiwwelen equipéiert hunn, huet et nach just un enger méi professioneller Spullbraus gefeelt déi mir dëst Jor da kaaft hunn.





### Transport mat Hëllefsmaterial fir d´Csókakő

Am Abrëll hu mir deen éischten Transport mat Hëllefsmaterial fir d´Csókakő an d´Regioun gelueden. Gelueden hu mir Spillsaachen, Kleeder a Miwwelen, Iessbestecker wat am ganzen ee Gewiicht vu plus minus 10 Tonne waren.

De Camion ass pünktlech zu Csókakő ukomm wou onse Partnerveräin d´Verdeelung organiséiert hunn. Wéi Dir un de Biller gesidd waren déi 2 Deeg vill Leit do fir Material sichen ze kommen, (aus Dateschutzrechter hu mir d´Gesichter liicht onkenntlech gemaach, déi Biller déi dat net hun dat si Membere vum Partnerveräin). Beim luede si mir vum Här Nemes Szabolcs ënnerstëtzt ginn, hien ass stännege Vertrieder vun der ungarescher Botschaft zu Lëtzebuerg.

Mir soen all deene Leit villmools Merci déi ons Material zur Verfügung gestalt hunn, ouni Iech wir dat net méiglech gewiescht.









Duerfliewen







### Summerfest

Eist éischt Summerfest mat eisem neie Konzept war e richtegen Erfolleg!

Amplaz vum traditionelle Gegrills hu mir eise Gäscht lecker Schnitzelen, Hamburger a Grillwurschten ugebueden. Déi vill Visiteuren hunn eis Spezialitéite mat vill Freed geschmaacht a mir hunn eis immens iwwer déi positiv Réckmeldunge gefreet.

E grousse Merci un all déi, déi laanscht komm sinn, mat eis gefeiert hunn an eis Ënnerstëtzung gewisen hunn. Natierlech geet och e ganz grousse Merci un all eis Fräiwëlleger, déi mat vill Asaz dozou bäigedroen hunn, datt dësen Dag esou gutt gelongen ass.

Mir freeën eis elo schonn drop, Iech beim nächste Fest erëm begréissen ze däerfen!



Text a Fotoen: Frënn vun Csokakö

# KOMMISSIOUN VUM INTERKUTLURELLEN ZESUMMELIEWEN

Léif Biergerinnen a Bierger, d'Fest vum „Vivons ensemble" huet scho praktesch eng Traditioun hei an der Gemeng, no enge séllege Joren, wou et leider net mei statt fonnt huet, war de Revival, am Joer 2024, wat e schéine Succès war, an d Joer 2025 war fir eis nach besser. An mir schaffen ob dëst Joer schonn äifreg hin, wou mer e puer nei Länner mat u Bord hunn.



Mir sënn ëmmer um kucken Léit ze fannen déi hier Kultur, hiert d'Land an hiert Liewen anere Matbierger weise wëllen, andeems traditionellt Gedrénks an Iessen ugebuede gëtt.



De Gewënn geet all Joer un eng aner Associatioun fir de gudden Zweck. Am Joer. 2024 war dat „d'Kannerduerf Miersch", 2025 war et „Stëmm vun der Strooss", wou mir och ob eisem Chrëschtmaart eng Sammelaktioun fir Wanterkleeder gemaach hunn, déi e grousse Succès war.





Dëst Joer den 20. September 2026 ginn d'Suen un „d'Wonschkutsch „

Wonschkutsch a.s.b.l.

Dir gesitt „Vivons ensemble" gëtt hei gelieft, besonnesch den 20 September, mee och soss all Dag.

Mir wiere frou Iech kennen den 20. September 2026 begréissen ze kënnen, an all zesummen eis Kulturen hei am Duerf kennen ze leieren an sech auszetauschen.

Dir kennt iech och schonn den 28 Oktober am Kalenner markéieren, well dann e Biergerowend mat aktiver Participatioun bezüglech „Vivons ensemble" organiséiert gëtt.

E Sproochecafé wäert och an den nächste Méint am Duerf stattfannen, dësen Datum kritt dir natierlech iwwert verschidde Reseauen a Flyere matgedeelt.

Zësumme liewen
GEMENGEKOMMISSIOUN

Foto: Simone Goedert an Alain Prim / Text: Tom Bindels







# NOPESCHFEST FEIERT MAT ÄRE NOPEREN!

## Firwat e Nopeschfest?

Seng Noperen ze invitéieren verbessert de sozialen Zesummenhalt, d'Gesellegkeet an d'Solidaritéit am Quartier oder am Duerf. Dat ass de Sënn an Zweck vum Nopeschfest, dat dëst Joer Freides de 22. Mee war. Maacht den éischte Schratt a stellt Iech bei de Nopere vir, déi Dir nach net kennt.

## Wien organiséiert d'Nopeschfest?

Dir, andeems Där Är Noperen invitéiert.

## Wou soll d'Nopeschfest stattfannen?

Am Haff oder an der Entrée, am Gaart oder an engem Appartement, op enger ëffentlecher Plaz, an engem Park oder einfach op der Strooss…



Wangelsbierg, Foto: Bindels Tom



Wangelsbierg, Foto: Bindels Tom

## Wéi soll d'Nopeschfest organiséiert ginn ?

- Kontaktéiert Är Gemeng fir Hëllef an Ënnerstëtzung bei den Invitatiounen, Flyer, Affichen, Reklamm-Baatschen, Bänken an Dëscher, Oofspäergitter, Ofsécherung vun der Strooss,…)
- Lued d'Affiche, d'Flyeren an d'Invitatiounen erof op nopeschfest.lu
- Hänkt Plakater op a verdeelt Invitatiounen mam Datum, der Auerzäit an der Plaz un Är Noperen.
- Organiséiert d'Fest zesumme mat deenen Noperen, déi der am Beschte kennt.
- Eenegt Iech op eng Form fir d'Fest: en einfachen Aperitif, en Zallotebuffet, e Grillfest, en Dessertsconcours, …. Denkt och un d'Kanner!
- Jiddereе kann hëllefen an eppes fir ze iessen oder ze drénke matbréngen.
- Denkt och un d'Dekoratioun an un d'Musek, mee respektéiert déi Noperen, déi net wëllen deelhuelen.

Hei een Abléck op d'Nopeschfest 2026 an der Gemeng Hiefenech:



Um Beil, Foto: Patrice Berlo Kayser

# FRËNN VUN DER DRËPP KAFFISBUFFET







De Kaffisbuffet am Joer 2025 war e grousse Succees an d'Léit waren ze Fridden, wéi dir ob de Fotoe vun 2025 gesitt. Déi dësjäreg Editioun fënnt de 25 Oktober 2026 statt. Mir géifen eis freeën lech ob dësem Kaffisbuffet begréissen ze kennen. Uschléissend kenn dir nach gären en Aperitif bei eis genéissen. Villmools Merci am Viraus, d'Frënn vun der Drëpp





Text: Tom Bindels, Foto: Schiltz Guy



# E LIICHTBÉCK FIR KAMERUN






Text a Fotoen: E Liichtbléck fir Kamerun asbl

# GROUPE TAVARES

30 ans 1996 - 2026



D'Firma TAVARES DA SILVA FRERES SARL, déi 1996 zu Hiefenech vun den 3 Bridder an Associéen Agostinho, David an Henrique gegrënnt gouf, huet dëst Joer hire 30. Anniversaire gefeiert.

De Familljebetrib ass haaptsächlech am Privatsecteur aktiv a setzt op eng massiv an traditionell Bauweis. Haut zielt d'Entreprise 6 Firmen a beschäftegt bal achtzeg qualifizéiert Mataarbechter.

Mat engem staarken handwierkleche Savoir-faire stellt si hir Expertise an den Déngscht vun hire Clienten a garantéiert qualitativ héichwäerteg Aarbechten a personaliséiert Berodung.

Si bitt eng professionell Begleedung fir all Zort vu Projet un, egal ob et sech ëm kleng Renovatiounsaarbechten oder de Bau vu schlësselfäerdegen Haiser handelt.



Am Bewosstsinn vum Impakt op d'Ëmwelt leet d'Entreprise e besonnesche Wäert op Nohaltegkeet, andeems si op verantwortungsvoll Praktiken an ëmweltfrëndlech Léisungen setzt.

D'Fotoen hei drënner ginn Iech e klengen Abléck an eis eege Projeten an eiser Gemeng Hiefenech. Fir weider Informatiounen invitéiere mir Iech, eis Internetsite ze besichen: **www.tavares.lu**.

| 5 Residenzen zu HIEFENECH | 21 Haiser zu REILAND |
|---|---|
|  |  |

32-34 UM BEIL L-7653 HEFFINGEN 87 92 80 info@tavares.lu



# Beweegung bedeit Liewensqualitéit.

THERAPIEZENTER
HIEFENECH
PHYSIOTHERAPIE & OSTEOPATHIE

Zënter 2025 begleed den Therapiezenter Hiefenech Mënschen aus Hiefenech an der Regioun mat moderner Physiotherapie an Osteopathie.

Zënter Mee 2026 ergänzt d'Physiotherapeutin Vanessa Fischer eis Ekipp an erweidert eis therapeutesch Offer.



Seit der Grënnung vum Therapiezenter Hiefenech am Joer 2025 begleede mir d'Mënschen aus Hiefenech an der Regioun mat moderner Physiotherapie an Osteopathie.

Eist Zil ass et, all Patient individuell ze betreien an zesumme nohalteg Léisunge fir méi Gesondheet a Beweeglechkeet ze fannen.

Am Mee 2026 hu mir e weidere wichtege Schrëtt gemaach: Mam Vanessa Fischer ass aus dem Therapiezenter Hiefenech fir d'éischt eng Ekipp vun zwou Persoune ginn.

Mat hire Spezialiséierungen an der Manueller Lymphdrainage, der Behandlung vu Cranio-Mandibulären Dysfunktiounen (CMD), der Beckenbuedemtherapie a Réckbildung souwéi Pilates ergänzt si eis Praxis mat weidere fachleche Kompetenzen an erweidert eis therapeutesch Offer.

Als Praxis zu Hiefenech wëlle mir och an Zukunft e verlässleche Partner fir d'Mënschen aus eiser Gemeng an der Ëmgéigend sinn. Mir freeën eis drop, Iech mat Fachkompetenz, perséinlecher Betreiung an enger individuell ofgestëmmter Therapie op Ärem Wee zu méi Gesondheet, Beweeglechkeet a Liewensqualitéit ze begleeden.

## Eis Ekipp

### Michel Pickel

Physiotherapeut & Osteopath

**Schwéierpunkt:**

- Osteopathie

### Vanessa Fischer

Physiotherapeutin

**Schwéierpunkt:**

- Manuell Lymphdrainage
- Cranio-Mandibulär Dysfunktiounen (CMD)
- Beckenbuedemtherapie a Réckbildung
- Pilates

THERAPIEZENTER
HIEFENECH
PHYSIOTHERAPIE & OSTEOPATHIE

4 Wantergaass
L-7651 Heffingen
+352 621 813 650
info@therapiezenter-hiefenech.lu

Behandlunge nëmme op Rendez-vous

# A Schulesch

## Buttek-Wäinbuttek

"A Schulesch" bitt eng breet Palette u Produkter fir den Alldag un.
Mir leeë Wäert dorop, Produkter ze verkafen, déi esou lokal an ëmweltfrëndlech wéi méiglech sinn.
Mir bidden och "hausgemaachte" Produkter un, déi mat eisem speziellen Logo gezeechent sinn.



Home made



Eist Sortiment ëmfaasst Bäckereiprodukter, frëscht Fleesch, Charcuterie, Mëllechprodukter, Uebst a Geméis a vill méi. Dir fannt bei eis och alles, wat Dir fir d'Botzen an d'Hygiène braucht.

Mir bidden e Service un, fir Är eidel Behälter erëm opzefëllen (Wäschmëttel, Spullmëttel, WC-Botzmëttel, asw.).
Schliisslech ass eis Auswiel un Dekoratioun a Gourmet-Produkter ideal, fir Kaddoen ze fannen – oder fir lech selwer eng Freed ze maachen. Mir kënnen och personaliséiert Kaddoskierf zesummestellen.

An eisem Wäinbuttek fannt Dir eng suergfälteg ausgewielte Gamme u Wäiner, Béier, Cider a Spirituosen, nieft handwierklech hiergestallten alkoholfräien Alternativen.
Degustatiounen organiséiere mir an nächster Zukunft; dës ginn iwwer sozial Medien ugekënnegt.
Op Ufro kënne mir och privat Degustatioune fir Eenzelpersounen a Firmen organiséieren.



# A Schulesch

## Restaurant



Vun Dënschdes bis Samschdes, tëscht 12:00 an 14:00 Auer, bitt eise Kach e Menü un, dee wöchentlech wiesselt.
De Menü orientéiert sech un der Saison an un der Disponibilitéit vu Produkter vu regionale Liwweranten.
Mir servéiere souwuel Fleesch- wéi och vegetaresch Platen (vegan Optioune sinn op Ufro méiglech).
Passend zu Ärem lessen bidde mir Naturwäiner, Craft-Béier an Cider souwéi handwierklech hiergestallt alkoholfräi Alternativen un.

Hannert der Epicerie lued eng schéin Terrass – op vun 09:00 bis 18:00 Auer – dozou an, e Kaffi mat engem Kichelchen ze genéissen oder e Patt mat Frënn drénken ze goen!
Reservéiert elo Ären Dësch um Telefon 26 47 86 04!



A Schulesch bitt och e Catering-Service un.

## Follow us!

A.SCHULESCH

Vun Dënschdes bis Samschdes, tëscht 9:00 an 18:00 Auer
2, Op Praikert
L-7653 Hiefenech


NEU: Reparaturdienst
für alle gängigen Hersteller
Beschattung
Glaselement
Fenster
Insektenschutz
Garagentor
Eingangstür
Wir sind Ihr Partner für Neubau und Renovierung im Innen- sowie Außenbereich und lokal in Luxemburg vor Ort. Mit unserem Fokus auf Fenster, Türen, Tore, Beschattungssysteme, Terrassendächer, Markisen und Insektenschutz bieten wir Ihnen eine große Palette an perfekten Lösungen für Ihr Zuhause oder Geschäft. Als Partner von Schüco und Hörmann dürfen Sie auf unsere Erfahrung und unser Engagement für Qualität und Zuverlässigkeit vertrauen. Kontaktieren Sie uns gerne noch heute, um gemeinsam mit uns Ihr Projekt zu planen und zu realisieren.
BISILUX – Concept S.a.r.l.
Fenster + Türen & mehr
22, op der Strooss · L-7670 Reuland
Telefon +352 - 27 77 07 98
www.bisilux-concept.lu
Fenster · Türen · Tore · Insektenschutz · Beschattungen




LizWalter
DERMOKOSMETIK
PRAXIS FIR DERMOKOSMETIK
Hiefenech (Heffingen)
+352 671 200 301 | info@lw-dermokosmetik.lu
www.lw-dermokosmetik.lu


JACOB & WEIS
Entreprise de Toitures
Constructions en bois
60,um Beil L-7653 HEFFINGEN
Tél. 83 70 94 • Fax 83 74 72
www.jacob-weis.lu • info@jacob-weis.lu


MDS ARCHITECTES
ARCHITECTURE
IMAGINER . CONCEVOIR . CONSTRUIRE
INFO@MDSARCHITECTES.LU
+352 691 216 073
MDS ARCHITECTES


Mierscher Lieshaus
D'Loscht um Liesen
Miersch
Liesen am Zentrum
BIBLIOTHÈQUE PUBLIQUE
www.mierscher-lieshaus.lu
GRATIS op der Plaz am Lieshaus: gratis Memberskaart, Bicher kucken a liesen, Geschichte lauschteren, Bicher / Zäitschrëften / Audiobicher / Tonie-Figuren léinen, Workshops (z. B. Kreatives Schreiben/Makerspace...), Froe stellen & Äntwerte fannen, Hausaufgaben zesumme maachen, Computer / WiFi benotzen.
MAT PARTICIPATIOUNSKÄSCHTEN: Fotokopien.
GRATUIT carte de lecteur, lire, écouter des histoires sur place, emprunter des livres / magazines / livres audio / des Tonie-figurines, ateliers (p. ex. : écriture créative, Makerspace...), poser des questions & trouver des réponses, faire ses devoirs en groupe, utiliser des ordinateurs / WiFi.
MOYENNANT DES FRAIS : Photocopies.
Villa Faber | 7, Rue des Prés | L-7561 Mersch


NANCY FIS JEWELLERY
Goldschmatt Atelier
Tel.: +352 691846174
Instagram: nancyfisjewellery
Facebook: Nancy Fis Jewellery
www.nancyfisjewellery.com

# MANIFESTATIOUNEN

## SEPTEMBER

**Vivons ensemble**

20/09/2026
Centre Culturel
Org. Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

**Biergerowend - Schoulcampus Sténkel**

28/09/2026
Centre Culturel
Org. Gemeng Hiefenech

## OKTOBER

**Vizverkaf duerch Duerf**

03/10/2026
Reiland / Hiefenech
Org. Amicale Pompjeeën Gemeng Hiefenech

**Pilzwanderung**

11/10/2026
Org. Ëmweltkommissioun

**Erënnerung un d'Kiercheweih vun der Reilander Kapell: Mass mat uschléissender Griewerseenung zu Reiland**

18/10/2026
Hiefenecher Kierch
Org. Kommunal Kierchefabréck, Ministrare, Chorale Ste Cécile

**Haxefest**

18/10/2026
Centre Culturel
Org. Frënn vun Csokakö

**Kaffisbuffet**

25/10/2026
Centre Culturel
Org. Frënn vun der Dräpp

**Biergerversammlung - Hëtzt, Iwwerschwemmungen - wat maache mir?**

26/10/2026
Centre polyvalent "Kuerzwénkel" Consdorf
Org. Gemeng Bech, Gemeng Beefort, Gemeng Hiefenech, Gemeng Konsdref, Gemeng Waldbëlleg

**Atelier Citoyen - Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen**

28/10/2026
Centre Culturel
Org. Gemeng Hiefenech

## NOVEMBER

**Hämmelsmarsch**

07/11/2026
Reiland / Hiefenech
Org. Chorale Ste Cécile

**Beaujolais**

14/11/2026
Centre Culturel
Org. Liens du Coeur a Frënn vun Csokakö

**Operatioun Pauly**

20/11/2026
Centre Culturel
Org. Kulturkommissioun

**Judd mat Gaardebounen**

22/11/2026
Centre Culturel
Org. BBC US Hiefenech

**Cäciliendag: Mass mat Sängeréierung**

29/11/2026
Hiefenecher Kierch
Org. Chorale Ste Cécile

## DEZEMBER

**D'Pompjeeën begleeden de Kleeschen um Wee duerch d'Dierfer**

05/12/2026
Reiland / Hiefenech
Org. Amicale Pompjeeën Gemeng Hiefenech

**Mass fir Chrëschtdag**

26/12/2026
Hiefenecher Kierch
Org. Chorale Ste Cécile, Matheiswierk, Kommunal Kierchefabréck




## BICHERBUS 2026-2027

Wéini kënnt de Bicherbus?

| | | |
|---|---|---|
| 19. September | 16. Januar | Äischen 08:40 - 09:40 |
| 10. Oktober | 17. Juni | Säll 10:00 - 10:45 |
| 31. Oktober | 06. Februar | Hiefenech 11:20 - 11:50 |
| 21. November | 27. Februar | Berbueg 13:40 - 14:25 |
| 12. Dezember | | Rued/Sir 14:45 - 15:30 |

ZESUMMELIEWEN

ZUSAMMENLEBEN

LIVING TOGETHER

VIVER JUNTOS



ZESUMMELIEWEN

ZUSAMMENLEBEN

LIVING TOGETHER

VIVER JUNTOS

# VIVONS ENSEMBLE

## 20 SEPTEMBRE 2026

A PARTIR DE 11H

CENTRE CULTUREL DE HEFFINGEN

Zësumme liewen
GEMENGEKOMMISSIOUN

Mifa
De Familljeministère

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

GEMENG HIEFENECH



# PROGRAMME

**15€** p.P.
**10€** 13 - 18 Joer / Ans / Year / Jahre /Anos
**5€** 6 - 12 Joer / Ans / Year / Jahre /Anos

**Tauscht iech mateneen aus a entdeckt dobäi déi verschidde Spezialitéite vun anere Kulturen**

**Échangez entre vous et découvrez les différentes spécialités d'autres cultures**

**Tauschen Sie sich miteinander aus und entdecken Sie die verschiedenen Spezialitäten anderer Kulturen**

**Meet, connect, and discover the different specialities of other cultures**

**Partilhe experiências e descubra as diferentes especialidades de outras culturas.**



# VIZVERKAF 2026



De Samschden 3. Oktober geet d'Amicale vun de Pompjeeën Hiefenech-Reiland duerch d'Duerf frëschen an agekachte Viz verkafen.

Mir fänken eisen Tour Moies um 9 Auer un.

## OFHUELEN VUN ÄREM VIZ

Dir kënnt awer och gären selwer den Viz zu Reiland an den Pompjeesbau siche kommen. Mir sinn tëschent 8h30 an 16h00 fir iech am Pompjeesbau.

Präiss: 3,00€ / Fläsch
Cash oder mat Payconiq / Digicash

AMICALE POMPJEEËN
**HIEFENECH-REILAND**







D'Frënn vun der Drëpp invitéieren lech op onsen zweeten

# KAFFISBUFFET

**Sonndes, den 25.Oktober 2026**
vun 8.30 bis 11.30 Auer

**am Centre Culturel zu Hiefenech**
**13, rue Stenkel**

Umeldung bis den 16. Oktober
um Tél.: 621 277 567 (Tom Bindels)
oder per mail schiltzw@pt.lu



## Präis

**Formule A**
24€ fir Erwuessener
(ab 18 Joer mat enger Coupe Crémant)

**Formule B**
20€ fir Juegendlecher
(ab 13 bis 17 Joer)

**Formule C**
10€ fir Kanner
(vun 6 bis 12 Joer inklusiv)

No 11.30 Auer hu die d'Méiglechkeet fakultativ een Aoero ze genéissen (net an de Formulen Abegraff)

## Soirées spéciales 2026

**Reilander Millen**
Restaurant

- 01.10.2026 Tartes Flambée à volonté
- 04.10.2026 Menu Fête des Pères
- 15.10.2026 Spare Ribs & Chicken Wings
- 29.10.2026 Fondue au fromage
- 12.11.2026 Côte à l'os
- 26.11.2026 Scampis à volonté
- 10.12.2026 Fondue Bourguignonne



Reservation via
+352 26873428





**Biergerversammlung**

# Hëtzt, Iwwerschwemmungen – wat maache mir?

26/10/2026

18:30 - 21:00

Centre polyvalent "Kuerzwénkel"
19, rue de Berdorf, L-6213 Consdorf

Iwwersetzung op Franséisch an Englesch

# Si mir prett?

Léif Awunner,
de Klimawandel ass keen Thema vun der Zukunft - en ass scho bei eis. Hëtzt am Summer an Iwwerschwemmungen, dat spiere mir och an eisen Dierfer ëmmer méi.

U verschiddenen Dëscher tauscht Dir Iech mat ären Noperen aus, bréngt Erfarungen an a kënnt zesummen mat Iddie presentéieren, déi direkt an d'Klimastrategie vun eise Gemengen afléissen.

Är Gemengen

**Réunion citoyenne**

# Canicules, inondations : comment réagir ?

Chères habitantes, chers habitants,
Le changement climatique n'est plus un enjeu d'avenir : il est déjà bien présent. Les fortes chaleurs en été et les inondations sont des réalités que nous ressentons de plus en plus dans nos villages.

Répartis autour de diverses tables de discussion, vous aurez la possibilité de discuter avec vos voisins, de partager vos expériences et de développer ensemble des idées concrètes qui seront directement intégrées dans la stratégie climatique de nos communes.

*Une traduction en français sera assurée.*

**Vos communes Bech - Beaufort - Consdorf - Heffingen - Waldbillig**

**Citizens' meeting**

# Heatwaves, floods: what should you do?


Dear residents,
Climate change is no longer a future concern: it is already a reality. In our villages, we are increasingly confronted with the realities of flooding and heatwaves during the summer.

At a variety of discussion tables, you will have the chance to engage in conversation with your neighbors, exchange experiences, and collaborate to generate practical ideas that will be directly integrated into the climate strategy of our municipalities.

*Interpretation into English will be provided.*

**Your municipalities Bech - Beaufort - Consdorf - Heffingen - Waldbillig**








# NATUR A KLIMA

## MËLLERDALL UNESCO GLOBAL GEOPARK ERHÄLT VERLÄNGERUNG

**Der Natur- & UNESCO Global Geopark Mëllerdall freut sich, bekannt zu geben, dass der UNESCO Global Geopark Status der Region erfolgreich um weitere vier Jahre verlängert wurde. Die feierliche Überreichung des Zertifikats fand am 27. April 2026 im UNESCO-Hauptsitz in Paris statt.**

**Im Rahmen der aktuellen Re-Evaluierungsrunde wurden weltweit 38 Geoparks mit einer sogenannten „Green Card“ ausgezeichnet, sechs bestehende Geoparks erhielten eine „Yellow Card“, und zwölf neue Regionen wurden in das internationale Netzwerk der UNESCO Global Geoparks aufgenommen. In Europa sind es inzwischen 122 Geoparks, weltweit sogar 241 in 50 Ländern.**

### Ein Rückblick auf die Re-Evaluation

Vom 11. bis 15. Juni 2025 stellte sich die Region der turnusmäßigen Re-Evaluation, die alle vier Jahre durchgeführt wird und eine zentrale Voraussetzung für den Erhalt des UNESCO-Labels darstellt. Ziel dieses umfassenden Prozesses ist es, die Weiterentwicklung des Geoparks zu überprüfen und Impulse für die zukünftige Arbeit zu geben.

Zwei von der UNESCO entsandte Gutachter, Sara Gentilini (University of Southern Denmark) und Goran Pavic (Papuk Geopark, Kroatien), machten sich vor Ort ein genaues Bild davon, wie sich der Natur- & Geopark Mëllerdall seit seiner Aufnahme in das internationale Netzwerk im Jahr 2022 weiterentwickelt hat. Ein intensives Programm führte sie durch sämtliche Mitgliedsgemeinden und machte die Vielfalt der Projekte und Umsetzungen im Geopark erlebbar.

### Vielfältige Einblicke in eine dynamische Region

Die Evaluierungsmission umfasste unter anderem Besuche zentraler Standorte wie des Geo-Pad Haupeschbaach an Halerbaach in Beaufort, der Geo-Expo mit ihrer „Wall of Geoparks“ sowie zahlreicher Geotope und Projektumsetzungen. Dabei wurde deutlich, wie konsequent der Geopark seinen ganzheitlichen Ansatz verfolgt.

Die Durchführung der Re-Evaluation wurde federführend vom Natur- & Geopark Mëllerdall organisiert und durch eine breite regionale Partnerschaft unterstützt. Darunter Gemeinden, lokale Akteure wie Tourist Infos, Museen und Gastronomiebetriebe, Vertreter des LEADER Mëllerdall, der regionale Tourismusverband, die ANF sowie nationale Institutionen.

„Diese Auszeichnung ist das Ergebnis einer starken Zusammenarbeit in der gesamten Region“, betont Claude Petit, Direktor des Natur- & Geopark Mëllerdall. „Sie zeigt, dass wir gemeinsam erfolgreich daran arbeiten, unser geologisches, natürliches und kulturelles Erbe zu bewahren und nachhaltig weiterzuentwickeln.“

### Internationale Anerkennung für beeindruckende Fortschritte

Die Gutachter hoben in ihrem Abschlussbericht die „beeindruckenden Fortschritte“ des Geoparks hervor. Besonders gewürdigt wurden zahlreiche Projekte, die den Schutz von Natur- und Kulturerbe stärken und gleichzeitig zur nachhaltigen Entwicklung, zum Klimaschutz und zur Förderung der Biodiversität beitragen.

Auch die deutlich gesteigerte Sichtbarkeit, sowohl vor Ort durch Bildungsangebote und Infrastruktur als auch digital über soziale Medien, wurde positiv hervorgehoben. Die konsistente visuelle Identität des Geoparks wurde als Ausdruck einer professionellen und effektiven Kommunikationsstrategie bewertet.

„Der Geopark fungiert als verbindendes Element in der Region und bringt Gemeinden, Experten, Einwohner sowie Institutionen zusammen“, heißt es im Bericht der Gutachter.

### Empfehlungen als Chance für Weiterentwicklung

Neben der positiven Gesamtbewertung formulierte das UNESCO Council auch konkrete Empfehlungen für die kommenden vier Jahre. Dazu zählen unter anderem:

- die stärkere Integration englischsprachiger Inhalte zur Verbesserung der internationalen Zugänglichkeit,
- die Vertiefung der geologischen Vermittlung im Tudor Museum in Rosport,
- die Entwicklung von Informationsmaterialien zu Naturgefahren im Kontext des Klimawandels sowie
- die Aufbereitung der Fundstelle des „Loschbour-Mann“ in der Gemeinde Heffingen im geologischen Kontext.

Diese Empfehlungen versteht der Mëllerdall UNESCO Global Geopark als wichtige Leitlinien für die zukünftige strategische Weiterentwicklung.

### Was bedeutet der Status als UNESCO Global Geopark?

UNESCO Global Geoparks sind Regionen mit Stätten und Landschaften von international anerkannter geologischer Bedeutung, deren Wert durch ein Gesamtkonzept erlebbar wird, das die Bereiche Bildung, Schutz und nachhaltige Entwicklung umfasst. Sie arbeiten für die Menschen und Gemeinden ihrer Region, bringen den Menschen vor Ort den Wert ihres geologischen Erbes näher und schaffen so eine Identifikation mit der Region. Sie fördern Geotourismus und Regionalentwicklung und greifen die Herausforderungen der heutigen Gesellschaft wie Themen des globalen Wandels (Klima-wandel, Naturgefahren) auf.

### Blick in die Zukunft

Mit der erneuten Auszeichnung als UNESCO Global Geopark blickt der Natur- & Geopark Mëllerdall zuversichtlich in die Zukunft. Die kommenden vier Jahre werden genutzt, um bestehende Projekte weiter auszubauen, neue Impulse zu setzen und die erfolgreiche Zusammenarbeit in der Region weiter zu stärken.

„Die Green Card ist für uns nicht nur eine Bestätigung unserer Arbeit, sondern auch ein Auftrag, den eingeschlagenen Weg konsequent weiterzugehen“, so Ben Scheuer, Präsident des Natur- & Geopark Mëllerdall. „Wir freuen uns darauf, die Zukunft des Geoparks gemeinsam mit unseren Partnern aktiv zu gestalten.“

**Natur- & Geopark Mëllerdall**
**www.naturpark-mellerdall.lu**
11 Gemeinden und der Staat haben sich unter der Bezeichnung Natur- & Geopark Mëllerdall zusammengeschlossen, um die Region nachhaltig zu entwickeln.

Hinter dem Titel steckt mehr als Projekte in den Bereichen Natur und Geologie. Auf unterschiedlichste Art und Weise werden hier vielfältige Projekte umgesetzt und Beratungsdienste angeboten.

Dies in folgenden Bereichen: Klima & erneuerbare Energien, Trinkwasserschutz, Wissensvermittlung, Schutz und Erhalt des kulturellen Erbes, Beratungsdienst für regionale Produzenten, Beratungsdienst für kleine und mittelständige Unternehmen, Geologie, Schutz von Natur und Landschaft.

Dabei richtet sich der Natur- & Geopark Mëllerdall an die Einwohner und Gäste der Region. Folgende 11 Gemeinden sind Teil des NGPM: Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Rosport-Mompach und Waldbillig. Die Gemeinden Reisdorf und Vallée de l'Ernz sind aktuell Beitrittskandidaten.







## ZE GUTT FIR FUTTI GOEN ZE LOOSSEN, DOFIR: ZERWÉIERT IECH!

### Aktioun „Gielt Band“ vum Landwirtschaftsministère

D'Uebst schmaacht am beschten, wann een et selwer gepléckt huet. Mee dat däerf ee just a sengem eegene Bongert. All Joer verfaulen awer kiloweis Äppel, Bieren, Quetschen etc. op an ënnert de Beem an de Wisen a Gäert. Dat si verbëtzte Liewensmëttel. Doraus kéint een och Viz pressen, Gebeess oder Kompott kachen, domat baken a nach villes méi.

Mat der Aktioun „Gielt Band“ rifft de Landwirtschaftsministère d'Biergerinnen an d'Bierger dozou op, sech op eng flott a nohalteg Manéier géint d'Liewensmëttelverschwendung ze engagéieren. D'Gemengen, déi bei der Aktioun matmaachen, markéieren déi entsprechend Uebstbeem mat engem giele Band. Jiddereen dee well däerf da gratis, fir den eegene Gebrauch, Uebst vun deene Beem pläcken an dat wat ënnendrënner leit rafen.

Nieft de Gemenge kënnen och Privatleit, Veräiner an Entreprisen hier Uebstbeem der Ëffentlechkeet zur Verfügung stellen. Fir de Fall, datt d'Uebstbeem hannert dem Haus stinn oder de Bongert ofgeleeë läit, kann ee sech Schëlder bestellen – grad wéi déi giel Bännercher per E-Mail un antigaspi@ma.etat.lu. Méi Informatiounen op antigaspi.lu.



Kuckt och op **www.kierfchen.lu**, déi interaktiv Plattform ronderëm Uebstbeem.

Hei fannt Dir net nëmmen Annoncë vun der Aktioun „Gielt Band“. Kierfchen geet nach e Schratt méi wäit a bréngt Leit, déi sech fir Uebstbeem interesséieren, zesummen. Vun der Notzung an der Bewirtschaftung vum Bongert iwwer d'Bamfleeg an Recolte bis hin zur Veraarbechtung a Vermëttlung vum Uebst.

Op kierfchen.lu fannt Dir alles iwwer:

- Uebst- an Nëssbeem
- Aktioun „Gielt Band“
- Beweedung
- Hëllef bei der Recolte
- Berodung a Fachinformatiounen
- Aarbechtsmaterial
- Béiestellplazen
- Evenementer an Aktivitéiten
- Regional Produzenten
- Verpachtung a Verkaf vun Terrainen

Egal, ob Dir bei der Aktioun „Gielt Band“ matmaacht oder net: Op Kierfchen.lu kann jiddereen säin Uebst ubidden. Dir decidéiert selwer, ween op ären Terrain dierf a wéi Dir d'Uebst ofgitt.

**Entdeckt kierfchen.lu a maacht mat.**

# SOZIAL SERVICER AN INITIATIVEN

## EIS BICHERSCHIEF

An eiser Gemeng fann Dir 2 flott Bicherschief wou Dir är geliese Bicher kënnt era setzen sou wéi Bicher eraus huelen.

Dir fannt ee Bicherschaf zu Hiefenech um Busparking.

Deen anere Bicherschaf fann Dir zu Reiland beim Pompjeesbau.

Hei sinn e puer Reegelen, fir datt de Bicherschaf propper an uerdentlech gehale gëtt:

- Stëllt nëmme propper, komplett a gutt erhale Bicher an de Bicherschaf.
- Stëllt d'Bicher uerdentlech an d'Regal a blockéiert Dier net.
- Hannerloosst de Bicherschaf propper a respektéiert dësen ëffentleche Raum.
- Keng beschiedegt, knaschteg oder fiicht Bicher an de Schaf leeën.
- Keng Zeitungen, Reklammen, CDen, DVDen oder aner Géigestänn an de Schaf leeën.

Dëse Bicherschaf lieft vum Respekt an dem Engagement vun allen.






Bicherschaf Hiefenech




Bicherschaf Reiland








Madamm, Monsieur,

An all Gemeng ginn et Mënschen, déi sech an hirer Fräizäit fir aner asetzen – an et sinn dacks Veräiner, wéi Ären, déi dëse benevollen Engagement organiséieren, droen a lieweg halen. Egal ob et ëm kulturell Aktivitéiten, sportlech Evenementer, sozial Hëllef oder lokal Projete geet – d'Associatiounsliewen hei an der Gemeng ass eng essenziell Sail vum Zesummeliewen. A grad dowéinst ass et wichteg, dass d'Aarbecht vun eisen Associatioune gesi gëtt – net nëmme vu Leit déi sech schonn am Veräinsliewen abréngen, mee och vun deene villen, déi sech gären engagéiere géifen, mee nach net wëssen, wou a wéi.

Op der Plattform benevolat.lu kënnt Dir Benevoller fannen, well dës Plattform et Iech erlaabt, interesséiert Benevolle méi einfach z'erreechen an dat ouni extra Käschten.

Elo huet och eis Gemeng eng eege Säit op benevolat.lu, iwwer déi Dir als Veräin d'Méiglechkeet hutt, u Visibilitéit ze gewannen an nei Leit z'erreechen, déi sech wëlle matabréngen.

Firwat ass et sënnvoll, matzemaachen?

- benevolat.lu ass gratis a liicht ze benotzen
- Dir kënnt geziilt nei Benevolle fannen, déi Iech bei Äre Missiounen ënnerstëtzen
- Et ass eng Plattform, déi vum Staat ënnerstëtzt gëtt an am ganze Land genotzt gëtt

Mat dësem Bréif kritt Dir e Flyer, deen Iech duerch déi éischt Schrëtt féiert an d'Virdeeler nach eemol iwwersiichtlech erkläert. Mir als Gemeng recommandéieren dës Plattform gären a wënschen eis, dass och eis Associatiounen heivu profitéieren – fir eng Visibilitéit ze kréien, fir nei Benevollen ze fannen, a virun allem: fir d'Zesummeliewen an eiser Gemeng ze stäerken.

Mat beschte Gréiss,

Agence du Bénévolat

# ENG RAR A WÄERTVOLL PLAZ SCHAFEN FIR KRANK KANNER A HIR FAMILIJEN

**D'Associatioun „Pour une parenthèse" wëll zu Lëtzebuerg eng rar a wäertvoll Plaz schafen: en Entlaaschtungs- a Réckzuchshaus fir Kanner mat schwéieren, liewensverkierzenden Krankheeten an hir Familljen. Et soll keen Spidol an och keng zouen Institutioun sinn. Et soll eng waarm, liewensfrou Plaz sinn, wou een duerchootemt, spillt, laacht a sech ausroue kann. Eng kleng Parenthèse an engem Alldag, dee meeschtens vu Behandlungen, Suergen, medezinesche Rendez-vousen a kuerze Nuechte gepräägt ass.**



Wann e Kand schwéier krank ass, geréit d'ganz Famill aus dem Gläichgewiicht a muss sech nei organiséieren. D'Eltere ginn gläichzäiteg zu Betreier, Infirmieren, Organisateuren a Beschützer. D'Bridder a Schwëstere léieren – heiansdo vill ze fréi – mat Waarden, Ängschten an Absencen ëmzegoen. Lues a lues mécht sech d'Erschöpfung breet.



D'Entlaaschtungshaus bitt e Raum fir nei Kraaft ze sammelen, wou jiddereen duerchootmen kann– ouni Scholdgefill –, well d'Kand do vu qualifizéierte Fachleit betreit gëtt, an engem sécheren a warmherzechen Ëmfeld.

Am Projet vun der asbl, wäert d'Haus 12 Better hunn, fir Openthalter vu puer Deeg bis e puer Wochen. D'Kand kann eleng kommen oder zesumme mat sengen Elteren an Geschwëster, jee no Besoin. D'Zil ass net, „d'Krankheet ze behandelen", mee sech ëm d'Kand ze këmmeren: ëm seng Freed, säi Wuelbefannen an doréms, datt et virun allem e Kand dierf sinn an Kand bleift.

Parallel dozou wäert eng Dagesbetreiung de Familljen d'Méiglechkeet bidden, u spillereschen Aktivitéiten deelzehuelen, Momenter vun Entspanung ze erliewen, sech auszetauschen oder eng individuell Begleedung ze kréien.

D'Haus soll och eng Plaz vu Mënschlechkeet an de schwieregste Momenter sinn – deene Momenter, wou d'Wierder feelen an d'Einsamkeet schwéier weiht. Et bitt eng feinfühleg Begleedung fir d'Familljen, besonnesch fir d'Elteren an d'Geschwëster, fir datt si dës Phasen net eleng mussen duerchstoen.

Zum Schluss wëll d'Haus sech och als Plaz vum Wëssens- a Erfahrungsaustausch, vun der Formatioun an der Sensibiliséierung ronderëm schwéier Krankheeten, déi d'Liewensdauer vun engem Kand verkierzen, etabléieren. Et geif en Informatiounsraum fir Fachleit bidden, mee och fir Benevollen, déi am Nolauschteren, an der Begleedung, an der Präsenz geschoult ginn – an an de klengen, wichtege Gesten, déi am Alldag vun de Familljen e groussen Ënnerscheed maachen.

Am Kär ass dëse Projet virun allem e Projet vu Mënschlechkeet a Solidaritéit. En soll drun erënneren, datt keng Famill eleng soll misse mat der palliativer Betreiung vun engem Kand konfrontéiert sinn, an datt et Plaze gëtt, wou een sech ausroue kann, laachen, kräischen, léieren an nei Kraaft sammelen, éier een de Wee weidergeet.

**„Et geet net drëm, dem Liewen Deeg ze ginn, mee deenen Deeg déi bléiwen, méi Liewen ze ginn." (Professer Jean Bernard)**

Dësen Juli hat eis asbl d'Éier, um beim Kinder-Lebens-Lauf matzemaachen, enger Initiativ, déi op d'Realitéit vu Kanner a jonke Mënsche mat schwéieren, liewensverkierzende Krankheeten an hire Familljen opmierksam mécht. Fir déi éischte Kéier ass de Parcours vun der „Engels-Fackel" och duerch Lëtzebuerg gaangen, an eis Associatioun hat déi grouss Freed, eng Etapp bei eis zu Hieffnech ze empfänken.

Mir soen der Gemeng e ganz häerzleche Merci fir den Empfang, hir Hëllef an hir Ënnerstëtzung, awer och fir hir Präsenz un eiser Säit op dësem Dag, déi eis vill bedeit huet. E grousse Merci geet och un d'Gemengenaarbechter fir hir wäertvoll Hëllef beim Opriichte vum Zelt, de Bänken an dem néidege Material, souwéi un d'Épicerie a Schoulesch, déi generéis fir d'Iesse gesuergt huet. Dës flott Mobiliséierung spigelt genee déi Wäerter erëm, déi eise Projet droen: Solidaritéit, Zesummenhalt a Mënschlechkeet.

pour une parenthese

**pouruneparenthese.lu**

**36 op der Strooss**
**L-7670 Reuland**
**info@pouruneparenthese.lu**



Informatiounsblat vun der Gemeng Hiefenech
Edition 01/2026
Tirage: 650 exemplaires
Editeur responsable:
Administration communale de Heffingen
Layout & Design: Addedvalue S.A.

PacteClimat | EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat